

## 11. 8242 – Projet de loi portant modification de l'article 7 de la loi modifiée du 31 janvier 1948 relative à la réglementation de la navigation aérienne

Mir kommen elo zum Projet de loi 8242 iwwert d'Reeglung vun de Fluchhafekäschten. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht. An deen ass nach ëmmer d'selwecht wéi bei deem Modell virdrun. Et hu sech schonn ageschriwwen: den Här Emile Eicher, den Här Jeff Engelen, den Här Meris Sehovic, den Här David Wagner an den Här Yves Cruchten. Dann huet elo d'Rapportrice vum Projet de loi, déi honorabel Madamm Corinne Cahen d'Wuert. Madamm Cahen.

### Rapport de la Commission de la Mobilité et des Travaux publics

**Mme Corinne Cahen** (DP), rapportrice | Villmools merci, Här President. Léif Kolleginnen a Kollegen, de Gesetzesprojet 8242 proposéiert, en Artikel vum Gesetz vun 1948 iwwert d'Luftfahrt ze änneren, fir d'Obligation vum engem groussherzogleche Reglement ofzeschaffen. Dat ass e Reglement, dat aktuell fir d'Festleeë vun de Fluchhafentaxe vu lux-Airport SA gebraucht gëtt.

Dës Ännerung ass néideg, well souwiso zanter 2019 all d'Fluchhafentaxe vu lux-Airport SA erhuewe ginn. A lux-Airport SA ass eng Privatgesellschaft. Als Privatfirma ass si de Reegele vum Privatsektor ënnerstellt a soll net méi vun engem groussherzogleche Reglement ofhängeg sinn.

Allerdéngs gëtt d'Obligation vum groussherzogleche Reglement net ganz gestrich. D'Luftnavigationstaxen, déi un d'ANA, un d'Administration de la navigation aérienne, bezuelt ginn, bleiwe weiderhin iwwert e Reglement grand-ducal gereegelt. D'ANA brauch nämlech als staatlech Verwaltung ëmmer e gesetzleche Kader, fir dës Redevances kënnen opzehiewen.

De Projet 8242 vereinfacht also d'Prozeduren an erlaabt et, Zäit ze spueren, ouni dass d'Reegele fir déi effentlech Verwaltung verletzt ginn.

A sengem Avis hat de Staatsrot just ënnerstrach, dass d'Fluchhafentaxen, déi vun enger privater Gesellschaft opgehuewe ginn, effektiv net an d'Kategorie vun den Actes réglementaires falen. Fir weider Detailler géng ech da gären op mäi schrëftleche Rapport verweisen.

An ech géng dann heimadder och direkt schonn den Accord vun der Fraktioun vun der Demokratescher Partei ginn. Villmools Merci.

**Une voix** | Très bien!

**M. Claude Wiseler**, Président | Ech soen der Rapportrice villmools Merci fir hire schrëftlechen a mündleche Rapport.

An den éischten ageschriwwene Riedner ass den Här Emile Eicher. Här Eicher.

### Discussion générale

**M. Emile Eicher** (CSV) | Merci, Här President. Ech mengen, d'Madamm Cahen huet eng ganz ausféierlech an detailléiert Informatioun ginn. De Findel ass fir eis – mir ware virdrun bei dem Mosaiksteen – ee vun deene ganz wichtege Mosaiksteng vun eiser Wirtschaft. An et ass duerfir och wichteg, och do d'Simplification administrative fir méi performant Reglementatiounen a méi kuerzer Zäit kënnen ze offréieren, e wichtegen Deel.

Ech soen Iech Merci, andeem ech och den Accord vu menger Fraktioun ginn.

**M. Claude Wiseler**, Président | Merci, Här Eicher. Här Cruchten.

**M. Yves Cruchten** (LSAP) | Merci, Här President. A villmools merci, Madamm Cahen, fir dee gudden Rapport, zu deem mir als ... D'LSAP wäert dee Rapport selbstverständlech matstëmmen.

Mir schwätze jo hei iwwert d'Redevances aéroportuaires. An d'Madamm Cahen weess och elo schonn, wat kënnt, well mir hate schonn déi Diskussioun an der Kommissioun: lux-Airport zitt déi Redevances, déi Taxe jo an. An ech hu mol eng Kéier gekuckt: Déi Gesellschaft huet d'lescht Joer e Chiffre d'affaires gemaach vun 107,7 Milliounen an en Nettoresultat vun 22,6 Milliounen.

An de Wonsch, dee mer haten, dat ass, dass mat deene Redevancen – d'Redevancé si jo e groussen Deel vun deem Akommes, dee lux-Airport huet –, dass mat deene Suen och investéiert gëtt, zesumme mat der Regierung, an neien a grouse Parkraum ronderëm de Findel. D'Parksituatioun ronderëm de Findel ass entre-temps eng Zoomuddung fir jiddwereen.

D'Leit gi kal erwëscht, wa se wëlle mam Auto op de Fluchhafen kommen an de Fliger huelen an op eemol feststellen, dass wäit a breet keng Parkplaz ass, an da panikéieren a sech mussen hott an har stellen, ier se op de Fliger kommen.

An zweetens bréngt déi Situatioun, déi duerch de Chantier vum Tram am Moment ass, mat sech, dass et heiands onméiglech ass, nach de Kuerzzäitparking vum Findel ze verlossen. Also déi lescht Kéier huet meng Duechter manner Zäit gebraucht, fir selwer anzechecken, ze boarden, ze fléien, erauszeklammen, d'Wallis mat erauszubréngen, wéi ech gebraucht hunn, fir et duerno vun der Parkplaz erofzubréngen. An do muss onbedéngt Remedur geschaaft ginn.

Dofir: Mir si selbstverständlech hei frou, dee Projet do matzestëmmen, a mir leeë lux-Airport an der Regierung un d'Häerz, déi Situatioun do nach ze verbesseren.

**M. Claude Wiseler**, Président | Merci, Här Cruchten. Här Engelen.

**M. Jeff Engelen** (ADR) | Jo, merci, Här President. Och merci der Madamm Corinne Cahen fir hire Rapport. Ech mengen, et ass am Fong geholl alles gesot. Dat ass eng Vereinfachung vun de Prozeduren. Deem kënne mer nëmmen eis Zoustëmmung ginn.

Ech soen Iech Merci fir Är Opmierksamkeet.

**M. Claude Wiseler**, Président | Merci, Här Engelen. Här Sehovic.

**M. Meris Sehovic** (déi gréng) | Merci, Här President. Merci der Madamm Rapportrice fir deen ausféierleche Rapport, dee kuerz war an awer alles gesot huet. Mir schléissen eis un a mir kënnen deen dote Projet matdroen.

Merci.

**M. Claude Wiseler**, Président | Merci, Här Sehovic. Här Wagner.

**M. David Wagner** (déi Lénk) | Merci, Här President. Jo, mir wäerten dee Projet de loi och matstëmmen.

**M. Claude Wiseler**, Président | Merci, Här Wagner. Här Goergen.

**M. Marc Goergen** (Piraten) | Merci, Här President. Ech schléisse mech de Mercien un. Ech wëll awer och e puer Remarque lassginn. Et ass virun allem bei de Fluchhafentaxen. Déi si jo a sech geduecht, fir unzereegen a fir Wierkung ze weisen, dass ee soll méi ëmweltschourend Fligere benotzen. Dat ass alles hei dran.

Et ass awer bei den Taxen nach ëmmer ee Problem, an do hunn ech och schonn eng Kéier drop opmierksam gemaach, an dat ass, dass verschidde Fluchgesellschaften et hikréien, fir ënnert de Präisser vun den Taxen ze fléien. An dat ass eng deloyal Konkurrenz géint zum Beispill eng Luxair. A firwat kréien déi dat hin? Ma well se a Spuenie Subventiounen kréie vun hire Regierungen oder aus iergendengem anere Fong, an op där anerer Säit well se vläicht eng Lotterie u Bord verkafen. An dat ass eppes, deem mer eis politesch eng Kéier mussen unhuelen. Wa mer weiderhi wëllen eng staark Luxair hunn, musse mer eng Kéier driwwer schwätzen, ob et nach ëmmer legal ass, dass een ënnert den Taxen – wuelverstanen, et ass emol net, wat de Fliger selwer kascht, et si reng d'Taxen – nach ëmmer Fligertickete verkeeft. An do muss een eng Kéier driwwer diskutéieren.

Mir sinn och frou, dass, a mir als Piraten hunn dat laang gesot, wann eng Fluchgesellschaft d'CGDIS rífft, fir méi schnell en Turnaround ze kréien, dat heescht méi Geld ze verdénge mat hirem Fliger – et si virun allem Low-Cost-Airlines –, déi endlech och mussen Taxe bezuelen. Mee mir hate Low-Cost-Airlines, déi hunn éiweg profitéiert, dass d'Pompjeeë fir si ... E Pompjee muss derbäi sinn, wann d'Passagéier u Bord sinn an et gëtt getankt. Dat war de Problem.

Dass endlech déi nei Regierung agesinn huet, dass dat och ze bezuelen ass. Well et konnt net sinn, dass d'Gemengen ..., bezéiungsweis aus dem CGDIS-Budget herno bezuelt ginn ass, soudass déi Low-Cost-Airlines konnten hire Profit an d'Luucht driewen.

Mir wäerten deem Projet haut zoustëmmen. Mir maachen awer drop opmierksam, dass et net ka sinn, dass Fligerticketen ënnert dësen Taxen als deloyal Konkurrenz fir eis national Fluchgesellschaft verkaf ginn.

Merci.

**M. Claude Wiseler**, Président | Merci, Här Goergen. Domat ass dann d'Lescht vun de Riedner erschöpft.

An dann ass et un der Regierung. Madamm Minister.

### Prise de position du Gouvernement

**Mme Yuriko Backes**, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics | Villmools merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären Deputéiert, Madamm Rapportrice, ech soen Iech och Merci fir d'Zoustëmmung fir dëse Projet. Dat vereinfacht d'Prozedur vun der Ophiewung vun de Redevancé vu lux-Airport. Dat ass effektiv e Relikt vun der Zäit, wou dat nach net liberaliséiert war um Niveau vun der Europäescher Unioun. Dat datéiert och op vill Joren zrëck, 2009, mengen ech, soudass mer hei wierklech mat dëser neier Prozedur, wann Der do zoustëmmt, d'Saache méi einfach maache fir lux-Airport. Ech mengen, dat ass eng ganz gutt Saach fir d'Simplification administrative an ech soen Iech Merci.

Déi aner Punkten, déi soulevéiert gi sinn – ech hu ganz gutt nogelauschert –: d'Parkingsituatioun probéiere mer wierklech kontinuëierlech ze verbesseren. Ech mengen, mir sinn och alleguerte frou, wa Luxtram dann och op de Findel fiert an deenen nächste Méint. Dat wäert op alle Fall den Trajet dohinner an och zereck vereinfachen. Mir sinn eis natierlech der Situatioun vun de Parkingen um Fluchhafen ganz bewusst an do gëtt och weider dru geschafft.

Ech soen Iech Merci.

**M. Claude Wiseler**, Président | Merci, Madamm Minister. Domat ass dann d'Diskussioun zu dësem Projet ofgeschloss.

Mir kommen zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 8242. Den Text steet am Document parlementaire 8242<sup>2</sup>.

**Vote sur l'ensemble du projet de loi 8242 et dispense du second vote constitutionnel**

D'Ofstëmme fänkt un. De Quorum ass erreecht. Vote par procuration. An de Vott ass ofgeschloss.

D'Resultat vum Vott ass: 60 Jo-Stëmme bei kenger Nee-Stëmm a kenger Abstentioun. Dëse Projet ass also ugeholl mat 60 Jo-Stëmmen.

*Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Maurice Bauer (par Mme Françoise Kemp), Jeff Boonen, Alex Donnersbach, Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Mme Françoise Kemp, MM. Marc Lies (par Mme Diane Adehm), Ricardo Marques, Mmes Octavie Modert, Nathalie Morgenthaler, MM. Laurent Mosar (par M. Ricardo Marques), Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Charles Weiler (par Mme Stéphanie Weydert), Mme Stéphanie Weydert, MM. Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet ;*

*Mme Barbara Agostino, MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mmes Simone Beissel (par M. Gusty Graas), Corinne Cahen, MM. Luc Emering, Fernand Etgen, Patrick Goldschmidt, Gusty Graas, Mmes Carole Hartmann, Mandy Minella, Lydie Polfer (par M. André Bauler) et M. Gérard Schockmel ;*

*M. Dan Biancalana, Mmes Taina Bofferding, Liz Braz, Francine Closener, M. Yves Cruchten, Mme Claire Delcourt, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen (par M. Yves Cruchten), Mme Paulette Lenert et M. Ben Polidori ;*

*MM. Jeff Engelen, Dan Hardy, Fred Keup, Mme Alexandra Schoos (par M. Tom Weidig) et M. Tom Weidig ;*

*Mme Djuna Bernard, M. Meris Sehovic, Mmes Sam Tanson et Joëlle Welfring ;*

*MM. Sven Clement et Marc Goergen ;*

*MM. Marc Baum et David Wagner.*

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass dat esou decidéiert.

**12. 8389 – Projet de loi autorisant le Gouvernement à financer l'acquisition et le soutien logistique du matériel roulant pour les besoins de l'Armée luxembourgeoise**

An da komme mer zum leschte Punkt vum Ordre du jour, zu dem Projet de loi 8389 iwwert d'effentlech Finanzéierung vu Rollmaterial fir d'Besoin vum der Lëtzebuerger Arméi. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht. Deen ass och nach ëmmer dee selwechte wéi bei deene leschten zwee Punkten. An et hu sech schonn ageschriwwen: den Här Alex Donnersbach, d'Madamm Liz Braz, den Här Tom Weidig, d'Madamm Sam Tanson, den Här Marc Goergen an den Här Marc Baum. An d'Wuert huet elo den honorabelen Här Guy Arendt als Rapporteur. Här Arendt.

**Rapport de la Commission de la Défense**

**M. Guy Arendt** (DP), rapporteur | Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, mir sinn eis jo all bewosst, dass déi aktuell international Sécherheetslag an der Welt ugespaant a komplex ass. Och Lëtzebuerg muss sech un déi geopolitisch Realitéiten upassen an d'Capacitéite vum der Lëtzebuerger Arméi an deem Kontext adaptéieren.

De Projet vum binationale Reconnaissancebataillon zesumme mat eise belschen Nopere spillt heibäi eng

zentral Roll. Gläichzäiteg ass dës Initiativ eng grouss Erausforderung fir eis Arméi. Engersäits mussen ënner anerem strukturell Ännerungen duerchgefuert ginn. An op där anerer Säit stellt neit Material, wéi beispillsweis nei militäresch Gefierer, déi méi schwéier arméiert sinn, eis Arméi och virun nei Erausforderungen.

Mam Projet de loi 8389 stëmme mer haut d'Finanzéierung vun dësen neie Gefierer an och vum Ekipement, dat d'Gefierer brauchen, fir operativ ze sinn, dat heescht also Waffen, Protektiouns- a Kommunikatiounssystemer souwéi déi néideg logistesche Ënnerstëtzung, déi am Kader vun der Ëmsetzung a vun der Exploitation vum dem binationale Reconnaissancebataillon vum eiser Arméi gebraucht ginn.

Mat engem Käschtepunkt vun, jo, 2.616.180.000, déi am Kader vun dësem Projet de loi virgesi sinn, ass dëst dee gréissten Invest an der Geschicht vun eiser Arméi. Vun deem Montant sinn 1.300.910.000 virgesi fir d'Finanzéierung vun de Gefierer an dem néidegen Ekipement an eng aner 1.315.270.000 fir d'Finanzéierung vun dem néidege logistesche Support an dem Material, dat heifer gebraucht gëtt.

Insgesamt kritt d'Arméi 59 Kampf- an Ënnerstëtzungsgefierer vum Typ Griffon, Jaguar a Serval, mee och 48 Waggonen a 74 Gefierer, déi de logistesche Support souwuel an engem Kampfszenario wéi och ausserhalb assuréieren. Bei dësem Montant sinn och d'Käschte fir d'Moderniséierungsarbechte matbegraff, déi an der 30-järeger Liewenszäit vun de Gefierer eventuell mussen ënnerholl ginn, fir dës um neisten technesche Stand ze halen.

Heibäi ass et wichteg, net ze vergiessen, dat et sech ëm Schätzungen handelt, well een aktuell keng Previsiounen ka maachen, wéini genee dës Arbechte musse gemaach ginn a wéi vill déi finalement wäerte kaschten. Dëst hänkt ënner anerem mat der Evolutioun vun der Technologie zesummen.

Am Kader vun der Ëmsetzung vum binationale Bataillon sinn och nach aner infrastrukturell Projeten néideg, déi net an dësem Projet de loi mat ofgedeckt sinn. Och net mat dra sinn den Akaf an de Stockage vu Munitioun a vu Simulatoren, déi fir d'Benotze vun de Gefierer a fir Trainingszwecker gebraucht wäerte ginn. De Finanzement vun dëse Projete wäert d'Theema vun zukünftege Projet-de-loie sinn.

Kolleeginnen a Kolleegen, wéi erkläre sech déi Rekordinvestitiounen vum Projet de loi?

Éischtens ass den Akaf vun den neie Gefierer indispensable fir d'Ëmsetzung vum binationale Bataillon mat der Belsch, deen 2021 vum NATO Defense Planning Process als Objektiv fir eis Arméi vun der NATO fixéiert ginn ass. D'Acquisitioun vun den neie Gefierer, déi vum Type médian sinn, dat heescht, datt se d'Agilitéit vu méi liichte Gefierer mat dem Kampfpotenzial an de Capacitéite vu méi schwéiere Gefierer wéi Panzere kombinéieren, bedeit och eng signifikativ Erhéijung vun de Capacitéiten an dem Kampfpotenzial vun eiser Arméi, wat eis et erlaabt, méi flexibel a besser kënnen op national Besoinen ze reagéieren.

Gläichzäiteg maachen eis déi nei Gefierer an d'Mise en place vum Bataillon mat eise belschen Nopere et méiglech, op d'Demandes capacitaires vun der EU an der NATO ze reagéieren. Et soll Lëtzebuerg et och erlaben, sech an der NATO als kredibelen Alliéierten ze positionéieren, deen duerch Ofschreckung, mee awer och duerch Bedeelegung un Allianzmissiounen an de Bündnispartnerlänner nom Prinzip „boots on the ground“ säin Deel zu der gemeinsamer Verdeedegung, zu der kollektiver Sécherheet bäidréit.

Mat dësen Investitiounen passe mir eis Arméi och un déi aktuell geopolitisch a Sécherheetslag an Europa an am euroatlantesche Raum un.

Ech hat et ufangs och scho gesot: Dës Gefierer ginn och am Kader vum binationale Bataillon gebraucht. D'Interoperabilitéit ass dofir an deem Kontext och e wichtege Stéchpunkt. Dëst ass bei deenen neie Gefierer, déi mat dem fransésche Scorpion-Programm kompatibel sinn, de Fall. D'Interoperabilitéit, déi also net nëmme mat de belschen, mee och mat de fransésche Partneren assuréiert ass, ass eng reell Plus-value fir eis Arméi, déi d'Capacitéiten, mee och d'Reaktivitéit, d'Resilienz an d'Kampf- an Iwwerliewenspotenzial vun eisen Truppen a verschiddensten Zenarien soll stäerken.

E kuerzt Wuert zum Avis vum Staatsrot: A sengem éischten Avis vum 12. Juli hat de Staatsrot eng Opposition formelle formuléiert an op d'constitutionnel Obligatioun higewisen, datt e Finanzéierungsgesetzesprojet muss an aller Prezisioun d'Notze vun de Gelder erklären. Den initiale Projet de loi, deen eng global Enveloppe virgesinn hat, hat effektiv ufangs net tëschent de Käschte vun de Gefierer an de Käschte vun dem logistesche Support differenziéiert. Déi néideg Prezisiounen zu de Käschten huet d'Regierung an engem Amendement vum Gesetzesprojet ginn.

Fir sech heibäi eng gewësse Flexibilitéit ze ginn, hunn d'Auteurs vum Text virun déi verschidde Montanten d'Termen „d'environ“ gesat. Duerch déi approximativ Schätzung vun de Käschte konnt de Staatsrot a sengem Avis complémentaire vum 8. Oktober seng Opposition formelle net ophiewen, well sengem Avis no déi approximativ Montanten déi constitutionnel Exigenz vun engem Finanzéierungsgesetz net erfüllt hunn. De Staatsrot huet sech awer du bereet erkläert, déi Opposition formelle opzehiewen, wann d'Termen „d'environ“ géife gestrach ginn.

An der Sitzung vum 16. Oktober huet déi zoustänneg Kommissioun decidéiert, där Demande nozekommen, dëst, fir an den Arbechten zu der Ëmsetzung vum binationale Bataillon virunzekommen, och wann an Zukunft eventuell nach emol misst nogebessert a weider legiferéiert ginn.

Heimadder hätt ech elo mäi mëndleche Rapport zum Gesetzesprojet ofgeschloss. Fir all zousätzlech Informatiounen verweisen ech op de schrëftleche Rapport. Ofschléissend ginn ech dann den Accord am Numm vu menger Fraktioun zu dësem Projet de loi a soen all deenen, déi hei um Projet matgeschafft hunn, an Iech alleguerter fir d'Nolauschtere Merci.

**Plusieurs voix | Très bien!**

**M. Claude Wiseler**, Président | Ech soen dem Rapporteur villmools Merci fir säi mëndlechen a fir säi schrëftleche Rapport.

An als éischte Riedner ass den honorabelen Här Alex Donnersbach agedroen. Här Donnersbach, Dir hutt d'Wuert.

**Discussion générale**

**M. Alex Donnersbach** (CSV) | Merci, Här President. Et ass scho gesot ginn: Mat dësem Projet de loi erlabt mir et eiser Arméi, d'Basis ze etabléieren, fir den neie binationale Bataillon, dee mir gemeinsam mat der Belsch decidéiert hunn, op d'Been ze stellen. Dat verlaangt vun eiser Arméi, sech komplett ëmzestellen. Dat geet vun der Militärdoktrin iwwert d'Formatioun hin zu interner Organisatioun a Fonctionnement. An et geet och iwwert d'Material. An do spillen dës Gefierer eng essentiel Roll, zesumme mam Rekrutement, deen och nach vill Effort vum der Arméi wäert verlaangen, fir déi iwwer 200 Leit ze rekrutéieren, déi fir dëse Bataillon noutwendig sinn.